

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. August 2021


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Press gëtt et Onkloerheet doriwwer wéi vill Afghanen zu Lëtzebuerg wunnen. Et gëtt Publikatiounen, déi sech widdersprieche an och beim Statec ass et net evident, déi richteg Zuelen ze fannen. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister.

1. Wéi vill Afghanen hunn zu Lëtzebuerg de Statutt als unerkannte Flüchtling (BPI)? Wéi vill hunn e subsidiare Schutz? Wéivill Afghanen wunnen haut an eisem Land?
2. Wéi vill sinn der nach an enger Asylprozedur (DPI), ouni datt hir Demande positiv beäntwert ass?
3. Wéi vill Afghanen sinn definitiv net als Flüchtlingen unerkannt ginn a wéi vill vun dësen hale sech ëmmer nach am Land op? Wéi vill vun deenen hunn eng Aarbechts- oder eng Openthalts- oder eng Aarbechtserlaabnis? Wéi eng rechtlech Basis hält d'Regierung fir debutéierten DPlen eng Openthalts - oder eng Aarbechtserlaabnis ze ginn?
4. Wéi vill Afghanen sinn bis elo am Rumm vun der Familljenzesummeféierung op Lëtzebuerg komm? Wéi vill Demanden op Familljenzesummeféierung leien nach vir a, sollten déi positiv aviséiert ginn, wéi vill Afghane géingen dann doduerch zousätzlech op Lëtzebuerg kommen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 24 septembre 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

A

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire n°4904 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

  
Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Ufro 4904  
vum 25. August 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. Säit 2015 hunn eng ronn 450 Leit mat afghanescher Nationalitéit een internationalen Schutz hei zu Lëtzebuerg unerkannt kritt. Ech verweisen fir den Detail iwwer d'Unerkennungen op de järeliche Bilan iwwer d'Migratioun an den Asyl esou wéi op déi monatlech Kommunikatiounen am Beräich Asyl vum Ausseministère an deenen dës Zuelen ze fanne sinn.

Laut den Zuelen um Internetsite vum Statec hunn op den 1. Januar 2021 gekuckt 674 Persounen mat afghanescher Nationalitéit hei am Land gewunnt.

2. De Moment sinn nach 185 Leit mat afghanescher Nationalitéit an enger Asylprozedur, dëst entweder um Niveau vum Ministère oder um Niveau vum Verwaltungsgericht.
3. D'Zuel vun den Leit, deenen een internationalen Schutz definitiv, dat heescht an leschter Instanz, refuséiert gouf, leit ënnert 10. Vun deenen Leit hunn awer och verschiddener een Openthaltsrecht als Familljemember. Am Allgemengen baséieren sech d'Autorisatiounen fir eng Openthalts- an Aarbechtserlaubnis op dem ofgeännerten Immigratiounsgesetz vun 2008.
4. Eng ronn 200 Leit mat afghanescher Nationalitéit sinn an deenen leschten Joren am Kontext vun der Familljenzesummeféierung op Lëtzebuerg komm. Bei den Demanden, déi de Moment nach virleien kann een nach net soen, wéi vill Leit d'Konditiounen erfëllen an duerno och op Lëtzebuerg kommen.